LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n° 7105 vum 31. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**1. Fro : Wéi vill Parkplaze fir Autoen a Stellplazen fir Vëloen sinn an de Gebaier, déi de Staat besëtzt oder louhnt?**

Heizou ginn et keng vollstänneg Donnéeën, notamment well d'Unzuel vun de Stellplaze vum ganze Patrimoine vum Staat kontinuéierlech evoluéiert.

**2. Fro : Wéi vill Gebaier vum Staat sinn aktuell mat enger Luetstatioun fir Elektroautoen équipéiert?**

Verschidde Staatsgebaier hunn en eegene Parking, aner Gebaier deelen sech ee Parking oder benotzen e Parkhaus (entweder vum Staat oder gelount), an nach aner Gebaier hunn guer keng Parkplazen. Dofir ass et net méiglech eng genau Zuel vun all de Gebaier déi mat enger Luedstatioun equipéiert sinn ze nennen.

Am Moment sinn op ongeféier 68 Parkinge vu Staatsgebaier Luedstatiounen installéiert. Well sech awer oft méi Gebaier ee Parking deelen, ass d'Zuel vu Gebaier fir déi eng Luedstatioun disponibel ass, méi héich a läit bei ongeféier 250.

Zousätzlech zu den uewegenannten Zuele sinn nach grouss Parkhaiser mat enger grousser Unzuel Bornen equipéiert, wéi de Parking Saint Esprit, de Parking Clairefontaine oder de Parking Place de l'Europe. Dës Parkinge ginn och vu verschidde Staatsservicer a Ministère benotzt.3

**3. Fro : Wéi vill Luetstatiounen sinn insgesamt bei de staatleche Gebaier installéiert? Wéi huet sech dës Zuel iwwert d'Joren 2014, 2018 an 2022 entwéckelt?**

2014 ware laut eisen Informatiounen nach keng speziell Luedpunkte fir Elektroautoen installéiert. Enn 2018 waren et der ongeféier 60 an 2022 sinn et ongeféier 220 Luedpunkten.

Zousätzlech dozou hunn déi 3 an der Äntwert 2 ernimmte Parkhaiser 68 Luedpunkten. 2018 waren och do nach keng Luedpunkten installéiert.

Dës Zuele bezéien sech op Luedpunkten, well et Luedstatioune mat engem oder zwee Luedpunkte ginn.

**4. Fro : Wéi vill vun de Luetstatioune bei staatleche Gebaier lueden aktuell mat Solarstroum?**

D'Gesetz dat et engem Utilisateur vun engem Gebai erlaabt de Fotovoltaikstroum selwer ze benotzen (AERC: Autoconsommateur d'énergies renouvelables agissant de manière collective) ass nach ganz rezent, sou dass dëse Stroum an de meeschte Fäll bilanziell nach net direkt fir d'Luedstatioune benotzt gëtt, och wann de Reseau insgesamt haut scho vun enger physikalescher Gläichzäitegkeet vu Stroumproduktioun a Luedvirgang profitéiert. Am Moment gëtt déi direkt Autoconsommatioun just bei 2 Gebaier genotzt, an zwar bei der Nationalbibliothéik um Kierchbierg a bei der Stroossebauverwaltung zu Bartreng.

Bei den Neibauten oder Renovatiounen déi elo an der Planung sinn, ass d'Autoconsommatioun an domadder och d'direkt Notzung vum Solarstroum virgesinn. Bei bestoende Solarstroum-Anlage bestinn aktuell Aspeiseverträg. Soubal déi erneiert ginn an déi technesch Viraussetzungen et erlaben, wäert och do d'Autoconsommatioun gewielt ginn.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch